

A2

**Schwätzt Dir
Lëtzebuergesch ?**

Léisungen

Kapitel 8

Widderhuelungskapitel

Léisionsen Kapitel 8

Lauschteren Säit 128

1. Lauschtert d'Gespréich. Kräizt déi richteg Äntwert un.



187

- Wat maachen d'Carine an de Marc e Freideg?
 - Si ginn iessen.
 - Si ginn an de Kino.
 - Si ginn iessen an an de Kino.
- Wien ass de Jacques?
 - Dem Marc säi Brudder.
 - Dem Carine säi Frënd.
 - Mir wëssen et net.
- Wat mécht de Jacques gär?
 - Hie geet gär gutt iessen.
 - Hie geet gär an de Kino.
 - Hie kacht gär.
- Wou ass de Restaurant „Beim Ginette“?
 - Niewent dem Musée an der Stad.
 - An enger Gaass hannert dem Palais.
 - Um Fëschmaart.
- Fueren de Marc an d'Carine zesummen an d'Stad?
 - Jo
 - Nee
 - Mir wëssen et net.

2. Lauschtert den Dialog a kuckt d'Biller. Wat fir ee Bild passt? Kräizt un.



188

<p>19. Juli</p> <p>moies: 22°</p> <p>mëttes: 25°</p> <p>owes: 18°</p>	<p>19. Juli</p> <p>moies: 25°</p> <p>mëttes: 28°</p> <p>owes: 22°</p>	<p>19. Juli</p> <p>moies: 25°</p> <p>mëttes: 32°</p> <p>owes: 18°</p>
--	--	--

3. Lauschtert d'Wiederprevisiounen a liest d'Sätz. Ass dat richteg oder falsch? Kräizt un.



189-191

- | | | | | | |
|---|-------------------------------------|-------------------------------------|--|-------------------------------------|-------------------------------------|
| 1 | R | F | 2 | R | F |
| Muer reent et. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> | Moies kann et blëtzen an donneren. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> |
| Et schneit eventuell am Éislek. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> | D'Temperature klammen iwver 18 Grad. | <input type="checkbox"/> | <input checked="" type="checkbox"/> |
| An der Nuecht fréiert et. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> | An der Nuecht bleift et dréchen a kloer. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> |
| 3 | R | F | | | |
| En Dënschdeg reent et de ganzen Dag. | <input type="checkbox"/> | <input checked="" type="checkbox"/> | | | |
| Owes leien d'Temperature bei maximal 14 Grad. | <input type="checkbox"/> | <input checked="" type="checkbox"/> | | | |
| An der Nuecht ass vill Loft. | <input checked="" type="checkbox"/> | <input type="checkbox"/> | | | |

Lösungen Kapitel 8

Lauschteren Sait 129

4. Lauschtert d'Sätz. Wat héiert Dir? En Uerder / eng Opfuerderung, e Verbuet, e Rot oder eng Erlabnis? Kräizt un.



192

Saz Nummer	Uerder/Opfuerderung	Verbuet	Rot	Erlabnis
1		X		
2			X	
3				X
4		X		
5	X			
6	X			
7			X	
8				X
9	X			
10	X			

5. Lauschtert d'Messages um Telefon an notéiert d'Theema mat zwee Stéchwierder.



193-197



Zum Beispill:

Message 1: **Wunneng / Dikrech / Visitt**

Message 2: **Annulatioun Rendez-vous / krankt Kand / nächste RV**

Message 3: **Renseignement / Crèche**

Message 4: **Reservatioun Däsch / Fro no Confirmatioun**

Message 5: **Dokter / Rendez-vous IRM**

6. Lauschtert d'Messages nach eng Kéier an äntwert op d'Froen.



198



Message 1:

1. Wou ass d'Wunneng? **Zu Dikrech.**
2. Vu wou kennt den Här Konzemius d'Offer? **Aus der Zeitung.**

Message 2:

1. Firwat annulléiert d'Madamm Gales de Rendez-vous? **Hiert Meedchen ass krank.**
2. Wéini ass deen nächste Rendez-vous? **Mir wëssen et net.**

Message 3:

1. Vu wou huet den Här Polfer d'Telefonnummer vun der Crèche? **Vun engem Flyer aus der Boîte.**
2. Wat soll d'Personal aus der Crèche maachen? **Si sollen hien zeréckruffen oder e Message loosse.**

Message 4:

1. Fir wéini reservéiert d'Madamm Pierson en Däsch? **Fir deen aneren Dag owes um aacht Auer.**
2. Fir wéi vill Persounen ass den Däsch? **Fir fënnf Persounen.**

Message 5:

1. Wie ríift der Madamm Calmes un? **D'Sekretariat vum Dokter Schanen.**
2. Firwat soll si zeréckruffen? **Wéinst hirem Rendez-vous fir den IRM.**

Léisungen Kapitel 8

Liesen Säit 130-131

1. Liest déi dräi Profiller. Liest duerno déi néng Annoncen. Wat fir eng Annonce passt bei wat fir eng Persoun? Kombinéiert.

1: Annonce D

2: Annonce I

3: Annonce G

2. Liest d'Textabschnitter. Wéi komme se der Rei no? Nummeréiert. Liest de Bréif duerno ganz.

4 Mat deem gelounten Auto konnt ech leider net iwwert d'Grenz fueren, dofir sinn ech du laanscht d'Grenz Richtung Süde gefuer. Ech si bei e Séi komm an hunn do e puer Deeg verbruecht. Ech si Kajak gefuer, ech si klamme gaangen an ech si wandere gaangen.

8 En décke Kuss a bis geschwënn, Martine

2 Virun zwou Woche sinn ech mam Fliger zu Stockholm ukomm. Stockholm ass eng flott Stad, mä ech sinn awer just zwee Deeg do bliwwen. Ech si léiwer an der Natur.

6 Duerno sinn ech ganz erof an de Süde gefuer an do sinn ech elo nach ëmmer. Hei sinn ech beim Mier an ech genéissen déi gutt Loft an dee frësche Fësch.

1 Salut Claudine!
Wéi geet et dir? Mir geet et super. Ech maache grad eng wonnerschéi Vakanz a Schweden. Ech sinn elo schonn zwou Wochen ënnerwee an am Moment sinn ech ganz am Süde vum Land, an der Provënz Skåne. Mä ech zielen der meng Rees emol der Rei no:

7 Iwwermuer muss ech mech awer nees op de Wee Richtung Stockholm maachen an Enn der Woch huelen ech de Fliger fir heem.

3 Ech hunn en Auto gelount an hu mech op de Wee an d'Natur gemaach. Ech si fir d'éischt Richtung Weste gefuer, bis bei d'Grenz vun Norwegen. Dat waren ongeféier 500 Kilometer an ech hunn immens flott Landschaften gesinn.

5 Ech hunn de ganzen Tour vum Séi gemaach an ech war bal sechs Stonnen ënnerwee. D'Wieder war wonnerbar. D'Sonn huet geschéngt, mä et waren awer just 18-20 Grad. An dat am August! Dat waren natierlech ideal Temperature fir ze trëppelen.

Léisungen Kapitel 8

Liesen Säit 130-131

3. Liest de Bréif nach eng Kéier. Kräizt déi richteg Äntwert un.

1. Dem Martine seng Rees huet am Süde vu Schweden gefaangen.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
2. Et war verbueden, mat deem gelounen Auto iwwert d'Grenz ze fueren.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
3. D'Martine war an Norwegen an a Schweden.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
4. Dem Martine seng Vakanz dauert méi wéi zwou Wochen
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
5. De Séi ass am Zentrum vu Schweden.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
6. D'Martine ass net esou gär an enger Stad wéi an der Natur.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
7. Normalerweis ass et a Schweden immens waarm am August.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
8. D'Loft um Mier ass besser wéi um Séi.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
9. D'Martine ass ronderëm de Séi gewandert.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.
10. D'Martine huet méi wéi 500 Kilometer mam Auto gemaach.
 Richtig
 Falsch
 Et steet net am Text.

Léisionsgen Kapitel 8

Schreiwén Säit 134-135

1. Dir organiséiert eng Party. Schreift eng Invitatioun.



Zum Beispill:

Léif Famill, léif Frënn,

mir invitéieren iech ganz häerzlech op eis Pacs-Party!

Mir feieren den 3. Juli, vun 18 Auer un, am Café Indigo an der Stad.

Dat ass e relaxe Kader an dofir kënnt dir iech och ganz relax undoen ;-)

Fir Iessen a Gedränk ass natierlech gesuergt.

Sot eis wgl. matzäit Bescheid, ob dir komme kënnt.

Mir géingen eis freeën, iech alleguer do ze gesinn!

Angie & Alain

P.S.: Dir braucht kee Kaddo matzebréngen!

2. Kuckt d'Biller. Wat ass geschitt? Schreift d'Geschicht.



Zum Beispill:

Den Nicolas hat haut e schlechten Dag! De Moien huet hien um hallwer aacht Kaffi gedronk. Hie war gutt matzäit un, mä dunn huet hie mam Kaffi gesabbelt. Hien huet sech anescht ugedoen an dat huet natierlech e bëssen Zäit kascht! Hien ass dunn op de Bus gelaf, mä hien huet en esou just verpasst. Hien huet 20 Minutten op deen nächste Bus gewaart. Dee Bus hat en Accident an hien ass de Rescht vum Wee ze Fouss gaangen. Et huet ugefaange mat reenen an hien hat natierlech kee Prabbeli derbäi. Wéi hien op der Aarbecht ukomm ass, war hie ganz naass, seng Reunioun war scho fäerdeg a säi Chef war net frou.